



Brutto um Enn vum Mount ze loossen, an dat ganz ouni datt se sech Suerge mussen drëm maachen, wéi hir Kanner encadréiert sinn. Esou hu mer eng Kontinuitéit vun der Kannerbetreierung. An ech mengen, déi Kontinuitéit, esou wéi ech et bei den A- a B-Wochen ugeschwat hunn, ass eppes, wat mer sollte bis d'Enn vum Schouljoer bäibehalen, soudatt d'Elteren, déi déi Choix getraff hunn, net nei Choix mussen treffen.

Dat gesot, Här President, markéieren ech den Accord vun de Piraten fir dëse Projet, well mer der Meinung sinn, datt d'Kontinuitéit wichteg ass an datt mer sollten dëst Schouljoer esou gutt wéi méiglech op en Enn bréngen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un de Rapporteur an och un déi aner Intervenanten. Jo, mir perenniséieren hei nach eng Kéier e Spezialregim bis de 15. Juli, bis d'Enn vum Schouljoer, dee mer och iwwert d'Reglement vum État d'urgence a Kraaft gesat hunn, well mer e brauchen, well mer momentan eeben anschters musse fonctionéieren an der Schoul, an der Kannerbetreierung, well de Virus jo awer nach ëmmer present ass, eisen Alldag bestëmmt an eeben och de Schoulalldag an den Alldag an de Betreuungsstrukture matbestëmmt.

Sécherlech kann een, wann een herno nach eng Kéier zrëckkuckt, dat eent an dat anert hei kritiséieren. Sécher hu mer och déi eng oder déi aner Erkenntnis gewonnen am Laf vun deene leschte Wochen, andeems mer dat heiten organiséiert hunn. An ech sinn eigentlech gespaant an ech waarden nach ëmmer op deen, dee vu sech selwer ka behapten, hien hätt de 16. Abrëll oder iergendwa virun der Covidkris gewosst, wéi een dat doten alles géif zur Perfektioun maachen a wat een zu wat fir engem Zäitpunkt da wéini hätt missen a Kraaft setzen.

Mir hunn hei eng eemoleg Situatioun, eng total aussergewöhnlech Situatioun, mir hu mat absolutt aussergewöhnleche Moosssnamen musse dorobber reagéieren. An d'Resultat ass dat, denken ech, wat zielt, an dat ass awer remarkabel.

Et ass remarkabel, datt mer et zesumme fäerdegbruecht hunn, datt mer eent vun deene weinege Länner an Europa sinn, wou all Kand gläichermoossen an d'Schoul geet, wou all Kand gläichermoosse vun där selwechter Bildungsoffer ka profitéieren. Dat ass nach net déi, déi mer gären hätten, dat sinn nach net déi 100 %, wéi dat a regulären Zäiten ass. Mee all Kand kënnt all zweet Woch gläichermoossen an d'Schoul.

Vu villen anere Länner, wësse mer, datt emol e puer Klassen zrëckgeruff goufen, datt d'Ofschlossklassen zrëckgeruff goufen, datt d'Iwwergangsklassen zrëckgeruff goufen, datt vläicht am Fundamental dann déi, déi an den nächste Cycle géife kommen d'nächst Joer, zrëckgeruff gi sinn. Mee ganz vill anerer sinn eigentlech do nach guer net an d'Schoul komm. Wann ech an eenzelnen däitsche Bundesländer liesen, datt et d'Zil ass, datt all Kand nach zwee Deeg Schoul bis zur Sommervakanz soll kréien, dann, denken ech, ass et remarkabel, wat mir hei zesummen, d'Schoulen, d'Enseignanten, d'Direktiounen, an awer och virun allem am Fundamental d'Gemengenaufgäben, fäerdegbruecht hunn. Dat soll awer och emol eng Kéier ënnerstrach ginn! An et gëtt do sécherlech ëmmer nach Saachen, déi mer, wa mer déi nächst Covidkris eng Kéier sollte kréien, nach kënne besser maachen. Dat ass wuel och ganz, ganz kloer!

Ech wëll kuerz op een Aspekt agoen, deen hei ugedeit ginn ass: Dat ass, wéi wa Raimlechkeeten elo momentan géife genotzt ginn, wou d'Sécherheet net garantéiert wär. Dat ass net esou! Mir hunn hei op Raimlechkeeten zrëckgegraff, wou d'Sécherheet schonn op eng aner Manéier eng Kéier, nämlech fir aner Aktivitéiten, fir sportlech Aktivitéiten, fir assoziativ Aktivitéiten, fir kulturell Aktivitéiten, garantéiert gouf. A wann een do elo mat e puer Schüler dra Cours hält oder e puer Schüler dran animéiert, denken ech, misst dat jo awer och ze verkraaft sinn.

Duerfir wëll ech dat awer nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, datt dat sécherlech néie-

rens stattfënnt, datt mer an iergendengem Raum momentan Schoul halen oder Betreierung assuréieren, wou d'Sécherheet fir déi Aktivitéit do net ze veräntwert wär.

#### (Interruption)

Ee Wuert vläicht och nach zu der Fro vun der Steierfräiheet vun deenen eenzelnen oder vu spezifesch Studentekontrakter hei. Dat ass effektiv, esou wéi d'Djuna Bernard gesot huet, eng Demande gewiescht vun der Föderatioun vun den Träger vun de sozioeducativen Aktivitéiten, der FEDAS. A mir hunn deem Rechnung gedroen, well si schonn d'Suerg haten, datt, wa mer dat doten net maachen, mer vläicht e Problem kréichen, fir hei elo genuch Jonker ze mobiliséieren.

Et gëtt elo e bëssen duergestallt, an dat wonert mech eigentlech hei, et gëtt duergestallt, wéi wann et eng ongläich Behandlung wär zugonschte vun deene Jonken, déi eeben an deem dote Beräich schaffen, déi da vun där Steierfräiheet do kéinte profitéieren. Mir wëssen, datt et op där anerer Säit momentan och Tariffer gëtt, déi méi héich sinn, déi momentan och fir Studente bezuelt ginn.

Hei ass et net drëms gaangen, datt jiddweree lo momentan d'selwecht bezuelt gëtt. Mee mir hu Regimier, un déi mer eis awer mussen halen. Et gëtt eeben dee Regimier fir wann ech an d'Schoul ersetze ginn, an da kréien ech deen Tariff, deen een normalerweis kritt, fir an der Schoul ze ersetzen. An déi, déi moies bei der Éducation nationale momentan do hëllef kumm sinn, déi hu grosso modo déi selwecht Bestëmmungen a Konditiounen missen erfëlle wéi déi, déi normalerweis bei d'Éducation nationale an d'Grondschoul ersetze ginn, an déi hunn duerfir och dee selwechte Kontrakt kritt, mat där selwechter Karriär dorunner a mat deem selwechte Loun dorunner.

Déi, déi bei d'Gemengen oder bei déi aner Träger vun de Maison-relais elo hëllef gaange sinn, déi kréien dee Kontrakt, dee Studenten eeben do an der Reegel kréien. A well dee méi niddreg ass, war ech och domadder d'accord, fir mat der Regierung ze schwätzen, a virun allem mam Pierre Gramegna ze schwätzen, datt déi hei eeben net och nach misste Steieren drop bezuelen, wat jo normalerweis net de Fall ass a Studentekontrakter. Mee well mer dee jo exceptionnellement hei méi laang virgesinn hunn, fir déi ganz Period kënne ofzedecken, an och vun de Stonnen hier méi e grouse Volume virgesinn hunn, wollte mer do déi ongläich Behandlung iergendwéi kompenséieren.

An et ass elo einfach fir ze soen, do misst elo jiddweree d'selwecht behandelt ginn. Ech denken, domadder géif een awer sécherlech och soen, datt mer dat, wat momentan iwwert d'Croix-Rouge, iwwert d'Caritas, iwwer Arcus a ganz vill aner Plaze vu privatrechtlichen Träger organiséiert gëtt an der Kannerbetreierung, quasi misste verstaatlechen, wa mer gären hätten, datt dat alles dat selwecht d'Personal wär a mer et dann och géife wéi an der Éducation nationale bezuelen. An ech denken, datt dat net d'Motivatioun wär vun där Fuerderung. Duerfir soll een do vläicht och e bësse méi differenziéiert virgoen.

Ech mengen och, datt ee sech et e bëssen einfach mécht, fir elo ze soen, hei wäeren all d'pädagogesch Iwwerleeungen iwwer Bord gaangen. Ech verteidigen net, datt mer d'Gruppen trennen. Ech verteidigen net déi Sterilitéit, déi mer momentan an der Schoul hunn, an datt d'Kanner sech eigentlech net méi kënne fräi ausliewen, hire Beweegungsdrang zum Beispill net kënne fräi ausliewen.

Mir wëssen awer, firwat mer dat hunn. Mir wëssen, datt mer et nach ëmmer weinst dem Covid-19 maachen an net weinst soss iergend-eppes. An ech hunn awer genuch Vertrauen an déi professionell Acteuren, an d'Léierpersonal an de Schoulen, an d'Educateuren an de Maison-relais, a jiddweree do, datt en an deem méi rigide Kader et fäerdegbréngt, dach der Pädagogie hir Plaz ze ginn, datt en et awer fäerdegbréngt, elo sënnvoll Aktivitéiten ze maachen.

Ech hunn dee ganze Moie mat Enseignantë geschwat - dee ganze Moien! -, an déi hu mer eigentlech alleguerge gesot, wéi flott a wéi wäertvoll et eigentlech och ass, momentan an deene kleng Gruppen ze schaffen, wat fir e Benefiss dat huet, fir eeben och do emol eng Kéier, grad no där laanger Covidzäit doheem, kënne an d'Kanner anzegoen a se wierklech individuell ze betreiwen an ze encadréieren. An da kann ee sech jo awer elo net hei virstellen, wann dat de Feedback ass vum Terrain, vun den Enseignanten, déi elo momentan all Dag mat de Kanner schaffen, heihinnerzekommen an ze soen, all pedagogesch Iwwerleeung wär do iwwer Bord gaangen!

Ech wëll natierlech betounen, datt, och wann dat esou flott ass an esou gutt ass, momentan a kleng Gruppen ze schaffen, mer nach

ëmmer nëmmen an der Situatioun sinn, datt d'Schüler nëmmen all zweet Woch kënne kommen. Duerfir wär ech frou, wa mer mat den Acteuren - a mir haten de Mëtten de Syvicol begéint, de Moie vill Enseignantsgewerkschaften, Direktiounen an och anerer - et géife fäerdegbréngen, dach virum Enn vun dësem Schouljoer nach eng Kéier d'Kanner alleguerge beieneenzekréien, wa mer et géife fäerdegbréngen, datt d'Klasse sech erëm géifen zesummeefannen, datt A- a B-Gruppen dach zur selwechter Zäit erëm bei hirem Enseignant an engem Klassenall wäeren.

Ech weess, datt dat, wann och sécherlech net komparabel mat deem, wat mer rwell fir de 25. Mee hu misse leeschten, dach awer nach eng Kéier déi eng oder aner Ustrengung vun de Gemengen, vun den Enseignanten, vun de Ministèreservicer a vun den Direktiounen wäert verlaangen. Mee trotzdeem mengen ech, datt et derwäert wär. Trotzdeem denken ech, datt mer deen dote Schrëtt a Richtung Normaliséierung vun der Education awer elo sollte goen.

Ech froe mech d'ailleurs: Wéini sollte mer en da goen? Well vill manner Infektiounen, wéi zwou oder dräi den Dag wäerte mer warscheinlech net kënne kréien. Wa mer deen dote Schrëtt net elo maachen, weess ech eigentlech net méi, wéini datt mer e kënne maachen.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach just eng Kéier ënnersträichen: Et si ganz vill gutt Proposen elo scho komm, wat alles esou immens gutt gewiescht wär an dëse Wochen. An ech menge schonn, datt een do soll draus léieren, datt een dat och mat Recul iergendwann eng Kéier soll analyséieren. Do gëtt vum Horaire geschwat. Awer och vum Digital Learning gëtt geschwat. Wéi konnte mer eigentlech d'Aufgaben opdeelen à distance? Wat kënnen d'Schüler doheem maachen? Wéi kënne mer se och op Distanz iwwer nei digital Outilen dach ganz gutt encadréieren?

Mee dat soll een net an der Kris maachen. Dat soll een net während der Kris maachen. Dat soll een net ënnert dem Androck vun der Kris maachen! A wa mer dat heiten, wat mer elo nach konkret virum eis hunn, geschëllert hunn, dann, mengen ech, soll een duerno eng Kéier ganz konkret kënne de Réckbléck maachen a kucken, wat fir eng Léiere mer gezunn hunn a wat mer hei eigentlech dach konnte feststellen, wat misst perenniséiert ginn. Mee bis dohinne hu mer awer nach munnech Aarbechte virum eis a munnech Hürd ze huelen.

Villmools merci.

► **Mme Lydie Polfer** (*DP*).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Meisch. Dann nach Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, villmools merci, Här President. Ech soen och dem Här Minister Merci fir déi Explikatiounen, déi en eis ginn huet.

Ech wollt trotzdeem nach eng Kéier op déi Fro vun der Sécherheet vun de Kanner zrëckkommen. Ech huelen zur Kenntnis, an dat ass jo och esou an deenen Dokumenter, déi mer kritt hunn, datt déi verschidden Installatiounen, wou d'Kanner elo sinn, iergendwéini eng Kéier sécherheetsméisseg iwwerpréift goufen. Awer d'Fro ass: Wann iergendeng Installatioun vläicht fir kulturell oder sportlech Zwecker ofgeholl gouf, da stellt sech nach ëmmer d'Fro, ob se da géiegent ass, fir do mat kleng Kanner ëmzegoen. Do sinn aner Besoinen, aner Virschrëften, och am sanitäre Beräich.

Fir just am sanitäre Beräich ee Beispill ze nennen, wat och e bëssen Onrou ëmmer ervirriff, datt ass d'Lëfte vun den Zëmmeren, vun de Klassenzëmmeren. Dir wësst, datt d'Experten um Radio soen, et wär wichteg, datt do ëmmer geléift gëtt. An a Wierklechkeet kréien d'Enseignantë mol net ëmmer de Schlëssel, fir d'Fënsteren opzemaachen.

Also ech mengen, et sinn einfach Problemer an deene Raimlechkeeten do. An d'Argument ass, jiddefalls eiser Iwwerzeegung no, datt et net duergeet, datt e Kulturzentrum oder eng Sportshal eng Kéier ofgeholl gouf fir d'Besoinen vun Erwuessenen, wa se elo solle fir eng ganz aner Kategorie vu Leit mat anere Sécherheetsproblemer genotzt ginn. An do soe mir: „Do ass eng Lacune!“

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zrëck un den Educationminister. Nee? Dann ass d'Diskussioun domat ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7588. Den Text steet am Document parlementaire 7588\*.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7588 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech elo den Appel nominal fir de Vote par procuration. Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

#### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 36 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 20 Abstentatiounen ugehall.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7588 est adopté par 35 voix pour, 4 voix contre et 21 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hettogaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 3. 7604 - Projet de loi portant dérogation :

#### 1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

#### 2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire

Den zweete Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7604, eng Upassung vun der Ausbildung a vun der Bewäertung vum Léierpersonal, dat sech am Stage befënnt. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum.

Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Esou wéi Der et scho gesot hutt, geet et hei ëm déi jonk Enseignanten, déi nach am Stage vun zwee Joer sinn an déi och net all hir Formatiounen an all hir Projete konnten duerchzéien, well eis Schoulen eng Zäit laang zou waren.

Konkreet ännere mer zäitweileg d'Gesetz vum 30. Juli 2015 betreffend d'Organisatioun vum IFEN an och d'Gesetz vum 10. Juli 1980 iwwert d'Planification des besoins u Léierpersonal am Secondaire, dëst awer natierlech zäitlech begrenzt.

Et geet also ëm eng Rei Upassunge vun der Formatioun an der Bewäertung vum Léierpersonal, dat nach am Stage ass. Och si sollen d'Méiglechkeet kréien, hir Formatioun propper ofzeschlëssen an och eng qualitativ héichwäerteg Formatioun vun hire professionnelle Kompetenze garantéiert ze kréien.

Andeems mir dës Upassunge virhuelen, suerge mer derfir, dass d'Léierpersonal trotz de Krisenzäiten esou gutt wéi méiglech ausgebild ka ginn. An dat kënnt och eise Kanner zegutt, déi weiderhi vun enger héichwäerteger schoulescher Bildung profitéiere kënnen.

Esou gëtt de Formatiounszyklus am Ufank vun der Karriär adaptéiert, verschidden zertifikativ Epreuve ginn a formativ Epreuves ëmgewandelt, den theoreeteschen an de verdéiwende Programm ginn ugepasst an déi obligatoresch Formation continue vun 48 Stonnen an den dräi éischte Joer gëtt ëm dräi Méint verlängert.





Konkreet schwätze mer vun dësen Upassungen: D'Formation spéciale vun den Enseignanten am Stage gëtt ëm aacht Stonne gekierzt, fir dës Formation awer kënnen effikass ze halen an op dat Weesentlecht ze begrenzen. Wat d'Séances d'hospitalisation ugeet, dat heescht Visitten an anere Klassen oder an anere Schoulgebaier, wou et ëm den Austausch vu Best Practices an Erfarunge geet, do wäert déi zweet Sëtzung am Schouljoer 2019/2020 ewechfalen, well se net ënnert de gëeegente Konditiounen kann ofgehalen ginn. D'Kontinuitéit vun dësem Dispositif bleift awer garantéiert, well an der éischter Hallschent vum Schouljoer schonn esou Seancë stattfonnt hunn an och weider am zweete Joer vum Stage organiséiert wäerte ginn. Aus Sécherheetsgrënn gëtt och virgeschloen, déi zwou Seancë vum Regroupement entre pairs, déi fir déi zweet Hallschent vum Schouljoer virgesi waren, dës Joer ausfalen ze loossen.

De Projet de loi gesäit och vir, d'Bewäertungsperiod vum Bilan des compétences didactiques et pédagogiques a vum Portfolio op d'Verdiungsperiod, déi de 15. September dës Joer ugeet, auszedeeenen. Esou kënnen d'Épreuve gutt virbereet ginn an och ënner normalen Émstänn ofgehalen ginn.

Et gëtt och virgeschloen, fir déi zweet praktesch Épreuve op dat éischt Trimester vum neie Schouljoer ze verleeën, soudass d'Stagiairë sech nach eng Keier kënnen am Fong virbereeden an hir Kompetenzen opschaffen.

Och op dat éischt Trimester 2020/2021 ginn d'Formationne vum Certificat de formation pédagogique vum Grupp A2 ausgedeeent. Verschidden theoreetesch Épreuves an och déi praktesch Formationne ware jo fir dës Joer virgesinn.

Och d'Modalitéite fir d'Employéen am Grupp A2 fir de Certificat de formation pédagogique, wéi zum Beispill d'Ofgi vun dräi Produktiounen vu Schoulstounen bis den 30. Juni, ginn ugepasst. Wann een net reusséiert, fir de Certificat ze kréien, däreft ee sech erëm mellen no de Konditiounen vum Gesetz vum 2015.

Fir d'Enseignanten aus dem Lycée gëtt d'Period vun dräi Joer, fir déi 48 Stonne Formation continue ze maachen, ëm dräi Méint verlängert. Esou kann d'Unzuel vun de Stonnen bäibehale ginn an déi concernéiert Enseignantë kréie genuch Zäit, fir d'Formation op Distanz ze absolvéieren oder u Presenzcoursen deelzuehelen.

Dëse Projet de loi, fir déi, déi sech en am Detail ugekuckt hunn, ass schonn immens technesch. Ech verweisen duerfir fir weider Detailer op de schréffleche Rapport a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen age droen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur fir säin, ech mengen, fénnefte Rapport schonn an deene leschten zwou Wochen, oder sechste Rapport. An et kënnt nach een haut.

Mat dësem Projet de loi gesi mer elo verschidden Upassunge vir an den Ausbildung vum den ënnerschiddleche Stagiairen am Enseignement. An och hei soll de Prinzip gëllen: „Kee soll en Nodeel opgrond vu Covid-19 hunn!“ Duerfir kënnen mer och am Prinzip averstane si mat, éischstens, verschiddenen theoreetesch a praktesch Coursen, déi gekierzt ginn, an zweetens, verschiddenen Evaluationsperioden an Épreuves, déi no hanne geréckelt ginn. Dat natierlech ënnert der Konditioun, datt all dës Exzeptiounen kloer limitéiert sinn op dës Schouljoer. Dat ass am Text net ëmmer esou kloer geschriwwen, mee ech ginn emol dervun aus, datt et esou ass.

Mee mir hunn awer Problemer domadder, wa mer risquéieren, datt opgrond vu verschiddenen Decisiounen an der Coronakris d'Qualitéit vum Enseignement kéint leiden. An do ginn ech u sech just op zwee Punkten an, eng Keier dee prakteschen Deel vun der Ausbildung:

D'Hospitaliounen an d'Regroupements entre pairs, dat gëtt ganz staark reduzéiert vun zwee op eent, respektiv vun dräi op eent. Mir krute gesot, dat wär weinst de sanitäre Consignen u sech net méiglech. Mir mengen awer, datt et ze organiséiere wär, well och wann d'Stagiairen zwar enk mussen encadréiert ginn, esou ass awer och bei den Hospitaliounen, mengen ech, en Ofstand vun zwee Meter méiglech. Dat ass also net direkt eng Entschëllelegung, fir dat net ze maachen. A virun allem ass et e wichtege Deel vun der Ausbildung, aner Stonne kucken ze goen. A Leit, déi bei ee selwer eng

Stonn kucke kommen, wou een Hiweiser kritt, wat ee kéint verbessern, dat ass, mengen ech, ee ganz wichtege, bal dee wichtigste Deel vun der Ausbildung.

Deen zweete Punkt sinn d'Quereinsteiger. Et ass hei déi politesch Decisioun geholl ginn - mir kruten nämlech gesot, datt et eng politesch Decisioun wär, et wär och anescht méiglech gewiescht -, fir d'Evaluatioun vun de Quereinsteiger just nach formativ ze maachen. Dat heescht, si packen den theoreetesch Deel, wa si dräi Production-écrites matzäit ofginn. Och de Legislatiounsexamen ass just nach formativ. Et muss een en also just nach maachen.

Dann ass et och déi politesch Decisioun, fir de prakteschen Deel vun hirer Ausbildung, nämlech d'Inspektioun vum Unterrecht, och just formativ ze bewäerten. Wa si dës Trimester net konnt gemaach ginn, datt se dann an d'nächst Trimester verluecht gëtt, dat fanne mer normal. Dat ass gutt. Mee firwat ännert een awer hei d'Aart vun der Evaluatioun? Et kann u sech net sinn, datt ee just eng Stonn muss halen, iwwert déi Stonn diskutéieren, mee datt een de Certificat kritt, onofhängeg dovunner, ob déi Stonn elo schlecht oder gutt war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si fest dervun iwwerzeegt, datt mer ganz vill ganz gutt Quereinsteiger hunn an datt mer och solle frou sinn, datt mer déi hunn. Mir hunn awer och Quereinsteiger, déi net onbedéngt gëeegent sinn, fir Schoul ze halen, déi dann awer och eventuell dësen Examen net géife packen, déi deen awer elo einfach esou net musse maachen.

Duerfir, ech mengen, ech hunn dat schonn e puermol hei gesot: Wa mer vum Enseignement schwätzen, da geet et ëm d'Zukunft vun eise Kanner, Jugendlechen! An do kënnt et op den Enseignant un. An dee muss definitiv pedagogesch a fachlech topp sinn. An da kann et net sinn, datt hei, aus wéi enge Grënn och ëmmer, näischt méi zertifikativ ofgeprüft gëtt. D'Schoulen an d'Lycéeën, déi hunn et fäerdegkritt, fir d'Schüler, d'Studenten zertifikativ ze präieren. Da ginn ech dervun aus, datt och den IFEN dat selwecht misst fir d'Enseignantë fäerdegkréien!

Mat dëser politescher Decisioun kënnen mir also net averstane sinn. An duerfir wäerte mer eis bei dësem Projet de loi enthalten.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. An dann ass et un der honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Francine Closener (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, well den IFEN seng Formatiounsprogrammer a Coursë während der Kris huet missen op Äis leeën, konnt d'Enseignant-stagiairen hir Formatiounen net wéi geplangt maachen. Well awer och si net fir dës Kris kënnen, dierfe si och net an hirem beruffleche Parcours bestrooft ginn.

Duerfir ass et wichteg, duerch dës Gesetz eng Rei Upassunge ronderëm de Stage an d'Période d'initiation virzehuelen. Esou soll d'Formation vum de Stagiairen nach méi effikass a méi pertinent ginn. Doriwwer eraus kréien d'Kandidate méi Zäit, fir d'Mindestzuel u Formatiounen kennen ze maachen. An och wat d'Épreuve vum zukünftege Léierpersonal ugeet, ginn duerch dës Gesetz eng Rei Adaptatiounen gemaach. De Rapporteur ass am Detail drop agaangen, an och him vu mir nach eng Keier e grouesse Merci.

Här President, wéi aus villen anere kann een och aus dëse Krisendispositiounen eventuell Léiere fir no der Kris zéien, net direkt, Här Minister, mee awer à moyen terme!

Ech sinn iwwerzeegt dervun, dass eng Analys vun de Formatiounen ubruecht ass, fir eeben eis Stagiairen optimal op hire Beruff virzubereeden, awer och déi aktuell Enseignantë mat enger wierklech effikasser a pertinenter Formation continue ze ënnerstëtzen.

Här President, d'Coronakris soll esou mann wéi méiglech negativ Auswierkungen op de Parcours, d'Formation an d'Karriär vun eisen Enseignant-stagiairen hunn. Dat gëtt duerch dës Projet séchergestallt. An duerfir ginn ech och dozou den Accord vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener. An da fuere mer weider mat der honorabel Madamm Djuna Bernard.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech schwätze vun hei. Merci dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport. Jo, et ass nach net esou laang hier, d'lescht Joer, wou mer de Stageopbau reforméiert hunn. Do hu mer vill iwwert d'Hospitaliounen, de Regroupement entre pairs a sou weider geschwat.

Ech fannen et novollzéibar, dass dat net konnt stattfannen. Ech weess awer vu villen Echänge mat Leit aus dem Secteur, déi grad elo während der Kris esou vill Echänge mat hire Pairen hate wéi seele virdrun, well se sech natierlech concertéiert hunn, wéi se elo déi ongewéinlech Situatiounen kënnen léisen. Dowéinst vertrauen ech och do op d'Conscience vun deene ville Professionellen am Secteur, fir deen Echänge awer ze féieren.

Dass de Bilan vun den didakteschen Kompetenzen a vum Portfolio op dat nächst Joer verréckelt gëtt, erschénkt mer evident. Dat ass logesch an novollzéibar, well einfach eng Rei Kompetenzen elo net konnte geprüeft a certifiéiert ginn. An och, dass d'praktesch Prüfungen kënnen am Trimester 2020/2021 (veuillez lire: am éischten Trimester 2020/2021) nogeholl ginn, erschénkt mer total legitim en vue dovunner, dass déi einfach net konnte stattfannen an dass och elo natierlech déi Enseignanten, déi am Stage sinn, och voll agepaant sinn an der Organisation vun der Schoul, déi jo awer fir jiddwereen usprochsvoll ass. Dass d'Formation-continuen iwwert déi nächst dräi Méint nogeholl ginn, ass wichteg a richtig. Déi solle jo och dowéinst elo net verluer goen.

Wat mir hei ze soen iwwreg bleift, ass, dass ech et wichteg fannen, dass dës Mesurë kloer an transparent alle Stagiairë kommunizéiert ginn, dass si wëssen, wou se dru sinn, wat op se duerkënnt elo, wat spéider nach op se duerkënnt. A wa mer dat maachen, dann, mengen ech, gi mer hinne gerecht, well si sinn natierlech och gradesou wéi vill aner d'Affer vun enger sanitärer Kris a sollen net drënner leiden.

An deem Sënn ginn ech heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och nach eng Keier merci un den Här Baum, dee wierklech haut vill, vill Rapporte muss presentéieren. An e mécht dat, wéi gesot, ëmmer ganz gutt a ganz komplett.

Mir hunn eng Rei Froen, wat dës Gesetz ugeet. Awer mir deelen d'Absicht vun Gesetz, och mir sinn der Iwwerzeegung, datt duerch dës Kris kengem soll en Nodeel entstoen. Dofir wäerte mer och dës Gesetz net matstëmmen, well mer awer Froen hunn, awer och net dergéint stëmmen. Mir wäerten eis enthalten.

Mee déi Froen, déi mer hunn, dat sinn der eng ganz Partie. Déi éischt ass emol eng Keier zu de Matière, déi elo net vermëttelt ginn um IFEN: Wéini kënnen déi Leit dat nohuelen? Well wa mer dervun ausginn, datt alles dat, wat do enseignéiert gëtt, och wichteg ass, da stellt sech eeben d'Fro: Gëtt wierklech alles nogeholl?

Déi zweet Fro ass déi vun deenen Épreuves certificatives, déi an Épreuves formatives ëmgewandelt gi sinn. Ech mengen, d'Madamm Hansen hat dee Punkt och schonn ernimmt. Et ka jo net sinn, datt eigentlech keen Examen méi iwwert d'Gesetz gemaach gëtt. Et wore jo scho bal keng Épreuves certificatives méi um IFEN. Dat meescht ass schonn nëmmen nach formativ. Et woren net méi vill Matière, wou iwwerhaupt nach en Examen war. A fir dat och elo nach ëmzewandelen, dat geet vläicht ee Schrëtt ze wäit.

Et kann een net higoen a Leit an eise Schoulsystem eralosse mat enger Verantwortung, wou mer awer net sécher sinn, datt se eis Gesetz an deem Beräich kennen. Dofir ass dat eng Fro, déi mer eis awer stellen.

Dat Drëtt sinn d'Formatiounsméiglechkeeten um IFEN elo während der Kris. Wéi wäit ass et dann eigentlech do - well mer jo hei gewuer ginn, datt verschidde Formatiounen ganz ewechgelooss goufen an esou weider - a wéi wor et dann do mam Enseignement à distance? Ech mengen, eng vun deene Kompetenzen, déi eis Stagiairen um IFEN solle léieren, ass jo eigentlech d'informatesch Kompetenz. Wéi wäit ass dat do am Enseignement benotzt ginn?

D'Madamm Closener huet och hei gesot, datt d'LSAP a long terme wéilt kucken, wéi den Enseignement um IFEN soll organiséiert ginn, wat do de Leit soll bäibruecht ginn. Dat denke mir och, vläicht ënner engem anere Bléckwénkel.

Well ënnert deenen néng Kompetenzen, wéi dat hei genannt gëtt am Gesetz iwwert den IFEN: „neufs compétences professionnelles“, do feelt eigentlech déi wichtigst an eisen Aen. Ech wëll Iech emol kuerz déi néng Kompetenzen hei zitieren, déi am Gesetz sti vum IFEN, déi de Stagiairen do bäibruecht ginn.

Do steet: „agir en professionnel“, et soll een eng kollektiv Dynamik kënnen entwéckelen, et

soll ee mat den Eltere kënnen zesummeschaffen, et soll een eng Situation d'apprentissage kënnen imaginéieren „concevoir“, et soll een e Fonctionnement vun engem Grupp kënnen maîtriséieren, et soll ee Saache kënnen bewäerten, et soll ee psychopedagogesch Kenntniss hunn, et soll ee kënnen mat de Schüler kommunizéieren an et soll een d'Technologies de l'information beherrschen.

Souwäit d'Gesetz. Mee dat Allerwichtigst, dat feelt doranner. An dat Allerwichtigst, wat ee soll kënnen, wann een an eng Schoul geet, dat ass einfach: Wësse vermëttelen - savoir enseigner des connaissances. Dat ass eppes, wat feelt! Néng Kompetenzen, déi wichtigst feelt.

An dofir denke mir och, datt ee vläicht eng Keier muss higoen an iwwerhaupt d'Formation vum de Stagiairen an de Contenu, de Contenu an d'Qualitéit vum Enseignement um IFEN esou op de Leescht huelen, datt mer sécher sinn, datt wierklech déi beschtméiglech Virbereedung vun de futur Enseignanten do bruecht gëtt.

Mir sinn als ADR, dat hunn ech hei dacks gesot, der fester Iwwerzeegung, datt eise Schoulsystem muss erëm opgebaut ginn, datt mer müssen erëm probéieren, méi Wëssen an d'Schoul eranzebréngen, datt mer d'Qualitéit an den Niveau vun de Schoule musse lues a lues erëm an d'Luucht hiewen, well mer och am internationale Vergläich grouss Problemer hunn. Pisa oder Vergläichstester an der Informatik weisen eis dat ëmmer erëm. Mir musse Konklusiounen zéien, Konsequenzen zéien an eis Kanner, och am Vergläich zu den Nopeschregiounen, beschtméiglech op hir Zukunft virbereeden.

Dat heiten, d'Ausbildung vun den Enseignanten, ass een Deel dovunner. A mir engagéieren eis, jiddefalls als ADR, fir hei den IFEN an d'Formation vum den Enseignanten och an deem Sënn unzegoen, datt mer wëlle méi Wëssen, méi Fachwëssen an d'Vermëttlung vu Fachwëssen an dee Studium materabréngen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. Erlaabt Der, datt den Här Baum Iech eng Fro stellt?

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Et ass keng Fro, et ass eng erklärend Remark. Ech wollt awer just op dës Plaz soen: Dir hutt déi néng Punkten opgezielt an deen zéngten, wou Der sot, dass ee muss wëssen, wéi een enseignéiert.

Mir schwätzen hei vu Leit, déi jo awer véier Joer Formation gemaach hunn. A wann ech net schlecht informéiert sinn, da géif ech mengen, an deene véier Joer hätte se 18 Wochen an de Klasse verbruecht, bei de Klasse verbruecht. An ech mengen - 18 Wochen ass en halleft Schouljoer -, dass se do déi Kompetenz schonn ënner Beweis gestallt hunn, soss hätte se hire Bachelor net gepackt.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Baum, fir déi Präzisioun.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech wëll dem Här Baum kuerz drop äntwerten, op eng Manéier, mengen ech, déi och hien akzeptéiert. Ech wëll einfach säi Minister zitieren. Well den Här Minister Meisch huet viru Kuerzem en Interview am „Lëtzebuerger Wort“ ginn, ech hunn em et och hei matbruecht, ech kann et nosichen, wann den Här Baum insistéiert, wou den Här Minister selwer gesot huet, datt d'Studente Lacunnen hunn.

Hie weess och, an en huet et am „Lëtzebuerger Wort“ gesot, datt eeben déi do Theorie leider net méi stëmmt an datt mer musse kucken an der Formation vum den Enseignanten no de Wëssensréckstänn an de Kompetenzen am Franséischen, am Rechnen, an der Mathematik, well do einfach Lacunnen hautzudaags bestinn.

A mir musse kucken, datt mir och déi Formation universitaire an alles, wat am Virfeld vun engem IFEN steet, erëm op en Niveau bréngen, wou et keng Lacunnen am Fachwësse méi gëtt. Well mir hunn Elteren, déi reklaméieren, mir haten dat méi dacks an der Vergaangeneheet a vläicht aner Kolleegen heibannen och, Elteren, déi bei eis reklaméiere kommen, well d'Schoulmeeschtere falsch Saachen un d'Tafel schreiwen, Grammatikfeeler. Alles dat däreft et net méi ginn! An ech mengen, déi Ustrengung, wou mir soen, datt mer sollen higoen an d'Leit op deem héchstméiglechen Niveau qualifizéieren, et ass dat, wat eis Kanner op d'Zukunft virbereet!

Natierlech ass eng pedagogesch Ausbildung u sech net an éischter Hisiicht do, fir Fachwëssen ze vermëttelen. Awer mir musse kucken, datt





dee ganze Curriculum, souwuel d'Grondausbildung, d'Fachwëssen, d'Pädagogik vum Fach an herno déi praktesch Virbereedung an der Pädagogie zesummen awer dozou féieren, datt d'Léierpersonal ouni Wëssenslacunne ka seng Funktiounen do ausfëllen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Et kéint ee laang iwwer Lacunne schwätze vun engersäits den Enseignanten, anerersäits de Schülerinnen a Schüler. Dat ass eng Diskussioun, déi net nei ass. Ech mengen, virun 20, 30, 40, 50 Joer gouf ëmmer gesot: „Hautzudaags ass alles méi schlecht! D'Leit sinn ëmmer manner qualifizéiert.“

Dat ass eng laang Diskussioun. A mengem Geschichtsstudium, kann ech mech erënneren, do hat ech al mesopotamesch Geschicht geholl, a mir hunn eng Plakett a Kailschrëft analyséiert, wou e Mann am drëtten Jortausend viru Christus op Toun geschriwwen huet, d'Jugend vun haut, déi wier katastrofal, si géif de Gëtter net méi hullegen. Si géif sech nëmme nach fir Pärdscurssen interesséieren - dat war d'Formule 1 deemools - ...

(*Hilarité*)

... an nëmme Béier drénken. Dat war schonn deemools in. An d'Zivilisatioun géif ënnergoen. Déi Zivilisatioun huet nach eng gewëssen Zäit gedauert.

Mee, niewebäi ...

(*Interruptions*)

Dat huet de Proff eis gesot, dee sot eis: „Erzielt dat eng Kéier, wann der en Här oder eng Madamm héiert soen: ‚Passt op! D'Jugend vun haut, aus där gött näischt méi!‘“

Mee natierlech, wann een elo haut kuckt, ...

(*Interruption*)

... wien och an de Secondaire ka goe par rapport zu fréieren Zäiten: De Secondaire huet sech opgemaach fir aner Bevëlkerungsschichten, dee virdru vill méi reservéiert war fir Leit aus dem Bildungsbürgertum, Kanner aus dem Bildungsbürgertum, déi natierlech schonn e gewëssene Privileeg haten an d'Schoul konnten, an engem gewëssene Format, och vill besser matmaachen.

Ech mengen, de Problem ass jo och deen - ech äntworten e bëssen op dat, wat mäi Virriedner gesot huet -: Natierlech muss en Enseignant am Secondaire säi Fach maîtresieren. Mee e Fach maîtresieren ass eng Saach. Capabel sinn, esou e Fach och nach weiderzeverméttelen, ass eng aner Saach, an eng ganz aner. Et kann een e Fach ganz gutt maîtresieren an incapabel sinn, fir dat weiderzeverméttelen.

A mir mengen och hei, hautzudaags ass de Problem net onbedéngt deen, datt d'Enseignanten déi Formation net onbedéngt hätten, fir kënnen hiert Fach weiderzeverméttelen an der Schoul, mee et ass och eng Fro vu Mëttele, déi d'Enseignanten hunn an déi d'ëffentlech Schoul iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg huet. Dat deet natierlech de Kader vun dëser Debatt explodéieren.

Mir wäerten deen heite Projet de loi matdroen, well mer der Meinung sinn, datt en awer enger gewëssener Urgence entsprécht. Mir sinn eis awer natierlech och bewosst, datt een déi ganz Diskussioun iwwert de Stage vun den Enseignanten muss weiderféieren, well do gëtt et nach ganz, ganz vill Nachholbedarf. A mir wësse jo och, datt et net vun näischt kënn, datt vill Enseignanten, zemoos vun deene méi jéngere Generatiounen, och soen, datt de Beruff ëmmer méi ustrengend gëtt. An en ass et och. En ass et och objektiv ginn. Et ass keen einfache Beruff hautzudaags. An och déi Periode, déi Formatiounsperiode, mécht d'Saach och net méi einfach. Mee ech mengen, dat ass nach eng Diskussioun, déi mer weider wäerte féieren.

Voilà. Mee dovunner ofgesinn, mir stëmmen dat heite mat.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmoos, Här Wagner. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och e grouse Merci nach eng Kéier un de Gilles Baum, deen eis, d'selwecht wéi d'lescht Woch,

hei duersch den Educationsmarathon guidéiert an eis an déi eenzel Matière ganz gutt a kompetent aféiert.

Ech wëll vläicht just e puer Remarken hei nach zu deem maachen, wat gesot ginn ass. Et hat een e bëssen d'Impressioun, den IFEN, dee wär zougewiescht während där ganzer Kris. Dat ass net de Fall.

Den IFEN war ganz aktiv. E war op Distanz eeben aktiv par rapport zu senge Clienten, an dat sinn d'Enseignanten. E war esou aktiv, datt en ëmmerhin 300 Formation-continuen ugebueden huet, eeben op Distanz, mat 8.000 Inscriptiounen während där doter Phas. Ganz dacks natierlech Formation-continuen, déi grad elo gepasst hunn, déi grad am Digitalen eeben do thematiséiert waren, fir den Enseignanten doheem kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen an eeben ze kucken, wéi se och elo à distance kënnen hir Schülerinnen a Schüler esou gutt wéi méiglech encadréieren.

Dat wat natierlech gefeelt huet, dat war d'Méiglechkeet, an d'Schoul ze goen, als Stagiäre an d'Schoul ze goen. Dat war eeben den Échange entre pairs, dat war d'Hospitalioun. A ganz einfach, well d'Schoul laang zou war. A well d'Schoul eebe momentan och nach ënner anere sanitäre Bedéngunge fonctionéiert. An et ass awer och, denken ech, hei elo dacks genuch gesot ginn an deene leschte Wochen an der Chamber: Mir wëssen, datt d'Enseignanten momentan och nach aner Saachen ze dinn haten an nach ze dinn hunn, an dëser exzeptioneller Situatioun. An duerfir hu mer eeben och dovunner ofgesinn, elo nach zousätzlech d'Obligatioun ze maachen, do Stagiairen ze empfänken, déi ze encadréieren, déi nokucken ze loossen an hinnen ze erklären, wat hir Methode sinn.

Mir haten einfach elo eng Prioritéit. An dat war de Covid-19 an dat war, d'Schüler erëm zrëck an d'Schoul ze kréien. An dat war, déi Lacunen, déi entstanen sinn, esou gutt wéi méiglech am Presenzunterrecht respektiv à distance kënnen ze combléieren.

Een anert Wuert vläicht zu de Quereinsteiger. Also, hei ass et e bëssen esou duergestallt ginn: „Wann déi elo keng Épreuves certificatives méi musse maachen, da kréie mer se guer net méi aus der Education eraus.“ Ech wëll hei just soen: Déi hunn alleguerten e Contrat à durée indéterminée! Hei geet et jo virun allem drëms, ob se duerno an eng Karriär als Fonctionnaire kënnen kommen; well si hunn alleguerten als Salarié e Statut à durée indéterminée. A si wäerten dann och iwwert déi nächst Joren - egal wéi, ob se déi Épreuve gepackt hätten oder net - kënnen enseignéieren. Datt een natierlech duerno iwwer aner Weeër, Formation continue an esou weider, kuckt, op eventuell Lacunen anzegoen, ass kloer, dat hätte mer souwiso gemäach. Dat kënnen mer och elo maachen, wa bei enger formativer Épreuve dann do sech sollt erausstellen, datt dat eent oder dat anert vläicht awer net esou sëtzt.

Ech wëll och drop hiweisen, datt mer jo mat der Reform vum Stage en zousätzlech Joer och geschafen hunn, eng Année d'approfondissement. Wa mer also elo formativ Evaluatiounen hunn, wou een émgangsproochlech gesot „net kann duerchfalen“ doduerjer, mee eigentlech eng Informatioun kritt, wat da vläicht nach net esou perfekt ass, da kann ee sech jo och grad a senger Année d'approfondissement mat deene Matière beschäftigen an dat eebe verdéiwen. An duerfir, hei geet et jo grad dorëms an duerfir denken ech och, dass dat doten e gudder Wee ass, an dëser Noutsituatioun par rapport zu de Quereinsteiger ze reagéieren.

Wat mir och wichteg war, dat ass, datt mer déi Engagementer, déi mer geholl hu par rapport zu de Quereinsteiger, wat hire Parcours ubelaangt, och den zäitlechen Oflaf vun deem Parcours ubelaangt, kënnen anhalen. Dat trotz der Covidkris. Mir wäerten nämlech och déi nächst Joren op Quereinsteiger ugewise sinn. An do ass et eebe wichteg, datt dat, wat mer där Generatioun vu Quereinsteiger, déi elo bei eis komm sinn, versprach hunn, datt mer dat och kënnen anhalen. Well nëmmen da wäerten och déi nächst Joren d'Leit eis gleewen, hire Beruff opginn, hiren Engagement op enger anerer Plaz opginn, fir bei d'Éducation nationale ze kommen an eis do kënnen weiderzuhëllefen.

Dat waren déi Prezisiounen, déi ech nach wollt ginn. Fir de Rescht wollt ech Iech alleguerten Merci soe fir déi Zoustëmmung respektiv déi Ennerstëtzung, déi Der dann op anere Manéieren hei zum Ausdrock bruecht hutt.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7604. Den Text steet am Document parlementaire 7604<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7604 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

**Appel nominal (votes par procuration)**

De Vott ass ofgeschloss. D'Resultat vum Vott ass: De Projet de loi ass mat 33 Jo-Stëmmen bei 24 Abstentiounen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7604 est adopté par 35 voix pour et 25 abstentions.*

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

**4. 7579 - Projet de loi portant dérogation à la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental**

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7579 iwwert d'Léierpersonal an der Grondschoul. An nach eng Kéier ginn ech direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum.

Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Esou wéi Der et gesot hutt, geet et effektiv hei ëm d'Astellung vun enger ganzer Rei Studente fir an eise Primärschoulen, am Fondamental, ze hëllefen. Ech erënneren nach eng Kéier kuerz un d'Opdeelung an d'Woch A an d'Grupp B mam Zil, d'Gruppen an de Klassen esou kleng ze hale wéi méiglech, fir de Virus anzédämmen. Doduerch ginn natierlech méi Personal a méi Raimlechkeete gebraucht. Ech mengen, mir hunn de Mëtte schonn driwwer geschwat, do brauch ech net nach eng Kéier an den Detail ze goen. Et geet awer och drëm, fir Léierpersonal, dat vulnerabel ass, ze ersetzen.

Am Ganze goufen, an dat no Ofsprouch mat de Studentenorganisatiounen, 1.012 Persounen rekrutiert fir auszehëllefen. Och op den Unien an op den Héichschoulen am Ausland si während der Kris Coursen ausgefall respektiv ass viles online ugebuede ginn, soudass vill Lëtzeburger Studenten zu dësem Moment och nach am Land sinn.

Ze notéieren ass, dass dës Studenten, déi 1.012, duersch déi zwielef Direktiounen (veullez lire: déi 15 Direktiounen) an déi 105 Gemenge verdeelt gi sinn.

(**Interruption par M. Gilles Roth**)

Pardon! Hunn ech gesot 105? Ech entschëllege mech! Merci, Här Roth, fir d'Rektifikatioun!

Vun deene Studenten hunn der 827 eng Première, 126 hunn e Bachelor an 59 hunn e Master. An ech mengen, et ass onnéideg ze ënnersträichen, dass alleguerten déi Jongen a Meechercher, déi jo op der Uni.lu d'Formatioun maachen, fir de Bachelor ze kréien, och um Terrain engagéiert sinn.

Dëst Gesetz derogéiert an engem Punkt zum Schoulgesetz vun 2009, an zwar an deem Sënn, dass Leit kënnen agestellt ginn, déi dee Brevet fir ersetzen ze goen net hunn, einfach fir där grousser Demande u Personal nozekommen tëschent dem 25. Mee an dem 15. Juli.

Ech ënnersträichen elo nach eng Kéier ganz kloer an dättelech, dass alleguerten déi Leit eng Première hunn, mat Ausnam natierlech vun de Chargé-de-coursen, déi scho virun 2009 beim Staat agestellt waren an elo an der Réserve des suppléants sinn.

D'Kontrakter lafen iwwer zwee Méint, och wann d'Gesetz bis de 14. September leeft. An domat soll séchergestallt ginn - an dat ass dat jo, wat mir d'lescht Woch hei an enger Motioun festgehalen hunn, wat mir zesumme gestëmmt hunn -, dass och kann op Leit zrëckgegraff ginn, fir de Kanner op d'Spréng ze hëllefen, déi dat virun der Rentrée géife brauchen.

Dëst Gesetz huet e puer Ronne gedréint beim Staatsrot, well de Staatsrot gären am Gesetz gesinn hätt, wivill déi Leit verdéngen, an och weinst enger Rei textuelle Prezisiounen, deene mer nokomm sinn.

D'Remuneratioun als also opgelëscht fir déi Leit, déi e BAP, e Brevet d'aptitude pédagogique, oder e CEP, e Certificat d'études pédagogiques, hunn. Zweet Kategorie sinn déi Leit, déi eng Première hunn oder den Equivalent zu enger Lëtzeburger Première; an dann d'Chargés de cours.

„Aussergewéinlech Zäiten erfuoderen aussergewéinlech Moosnamen“, hu mer oft gesot. Awer wat ech esou vum Terrain matkréien, ass awer duerchaus positiv. A vläicht - ech soe souguer „hoffentlech!“ - kréie mer deen een oder anere vun deene jonke Leit, déi elo engagéiert sinn, fir de Beruff begehrt.

Voilà, dat war elo mäi siwente Projet an der Education. Mee mir sinn awer nach net fäerdeg an d'Educatiounskommissioun wäert och nach net an d'Vakanz goen. Mir hunn nach de Projet iwwert den ECG, wou de Claude Lamberty Rapporteur ass. Dann hu mer de Projet iwwert d'Professeurs sursitaires, d'Studiebahihëllefen an de Medezinnstudium op der Uni, wou de Kolleg André Bauler Rapporteur ass. An, ech mengen, et ass mäin erkläertent Zil, dass mer awer esou vill wéi méiglech vun deene Projeten, wann de Staatsrot eis hëlleft, virun der Vakanz clôturéieren an och evakuéieren. Also, wéi gesot, et bleift an der Educatiounskommissioun nach genuch Aarbecht.

Merci soen ech elo just eng Kéier fir déi siwe Projeten an déi véier, déi hannendrukommen, alleguerten de Beamte vum MENJE, déi ganz, ganz fläisseg waren, dem Staatsrot, op dee mer eis wierklech konnten immens verloossen, an dann och eiser ganz, ganz fläisseger Sekretärin, der Madamm Joëlle Merges, a ganz besonnesch awer och alleguerten de Memberen aus der Educatiounskommissioun, fir dat aktivt an engagéiert Matschaffe bei all deene Projeten.

Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmoos, Här Baum. An als éischte Riedner ass nach eng Kéier d'Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Nach eng Kéier merci, Här President. An nach eng Kéier merci dem Rapporteur da fir d'lescht fir haut.

Esou wéi d'Schoul säit dem Neufank nom Confinement organiséiert ass, ass et ganz logesch: Mir brauchen zousätzlech Personal. An et ass och ganz kloer, datt mer do e legislative Kader brauchen. Duerfir si mer och do prinzipiell domadder averstanen. Mee mir hunn awer leider och hei zwee Punkten, déi eis Problemer bereeden.

Dat éischt ass: Mir fannen et schued, dat am Gesetz net kloer drasteet, wéi eng Qualifikatioun gefrot gi fir déi Leit, déi an der Schoul u sech asprangen. D'Staatsbeamtekummer freet dat och. Et ass gesot ginn, et ass mindestens d'Première. Mee mir hätten eis do kloerheet am Text gewënscht.

Deen zweete Punkt, an do ass d'Françoise Hetto schonn drop agaangen: Fir eis ass definitiv ee Student ee Student, an all Student, dee während der Coronakris opgrond vun Decisiounen vun der Regierung auszëlleft, misst u sech d'selwecht behandelt ginn. D'Regierung huet, wéi gesot, decidéiert, fir Studenten anzestellen an der Santé, an der Education, an der Education moies an der Schoul, mëttes an de Maison-relais. An den Educatiounsministère huet iwwer eng Annonce u sech en Oupriff gemaaht, fir Leit ze fannen, déi während där Pandemie géifen hëllefen. An do steet dran: « à participer à la prise en charge des enfants et à